

Rondrëm eis Sprooch an d'Jéinescht

Wa mir mengen, all Fransous géng jidfer Wuert kennen, dat am Larousse steet, da si mir um Holzwee; datselwecht kann een an deem Streech fir Däitschland, England, Italien oder aner Länner soen.

Grad esou koppeg as et, fir unzehuelen, datt jidfer Lëtzebuerger kënt oder misst all Wuert aus eisem Dictionnaire verstoen, oder esouguer gebrauchen.

Och bei äis gët et no de Géigenden, den Uertschaften an dacks stroosseweis Ausdréck, déi nëmmen do, a soss néirens am Gebrauch sin. Dat weist natiiirlech drop hin, datt och hei bei äis am „Mini“, grad ewéi an anere Länner am „Maxi“ eng Zort Mëttelsprooch besteet, an datt déi sech duerch Radio, Zeitung a Beruffsverkéier nach ëmmer weider opdeet. Wat heescht „Stadter, Veianer, Wëlzer, Iechternacher . . .“? Dat sin dacks jo nëmme verschidde Klank-Faarwen, och wann eng Parti Wuider speziell hei oder do hirt Nascht hun.

Et gët, loosst mer léiwer soen, et guf ower hei zu Weimeschkiirch eng „Sprooch“, vun deer dacks geschwat gët, wa vu Lëtzebuergesch rieds geet; eng Sprooch, vun deer emol hei een e Wuert weess an aus deer do een e Saz kennt . . . d'Sprooch selwer as praktesch mat deene Leit vergaang, déi „d'Lakerte“ genannt gufen. Dovu koum och hiren Numm: Lakerschmus, nach besser bekannt als „Jéinesch“. Loosst mer et gläich soen, datt d'Jéinescht am Fong näischt mat eiser Sprooch ze din hat . . . dat war jo grad säin Zweck . . . et sollt jo just kee verstoen, wat d'Lakerten ënnert sech gemauschelt hun!

Aus dem Jéinesche sin ower en etlech Ausdréck an eis „normal“ Sprooch eragerëtscht; a mir gebrauchen se, ouni emol ze wëssen, datt et jéinesch Wuider sin.



De Professor Jos. Tockert, e geléierten an op vill Manéieren intressante Mënsch, huet d'Jéinesch op d'Fieder geholl, an dat vum Lakerschmus zesummegeraf, wat nach do war („Vierteljahresblatt der Luxembg. Sprachgesellschaft“, 1937/38). Haut fanne mir nach Leit, déi sech d'Lëscht vun deenen Ausdréck éirewou erausgeschriwen hun; anerer versuerge eng verknuehelt Copie wéi en Testament . . . dofir hu mir geduecht, et wir vläicht nët vu Mutterwëll, wa mir Iech hei an dëser Zeitung d'Lëscht vun deene jéineschen Ausdréck gënge gin; vläicht kritt Dir och Spaass domat.

l.r.



Jéinesch oder Lackersprooch

zesummegesat mat den Opzechnungen vum Professor Jos. Tockert

achelen = iessen
bachelen = pippi machen, reenen
bäikântech = dobei sin, mir hocken b. = mir sätzen zesummen / Scheif b. = komm mi no / Span de b. = gëf uecht op den do
Batz = Kaffi, och Zäppchen
bauen: e kritt Mackes gebaut = e gët zerschlon, e kritt d'Streech
bedofter = bestueden
beieren = stierwen, kabott gon / den as gebeiert = den as dout / méng Tröttleke scheffe gebeiert = meng Schung sin zrass / gebeierten Trappen = Päerdsfleesch
Beies = Haus / Schontebeies = WC
béinen, béngen = schwäätzen / Strumm schibes a béng nobes = maach dech ewech a so näischt
bekan = do sin / Scheff bekan = komm heihin / D'Zankerten hocke bekan = d'Gendaarme sin do
beschonten = bedrecksen = beklaatschen, uschmieren
besténkeren = mat engem Känki beliichten / Span, dass de Schuurk besténkert hockt, = gëf uecht datt däi Won beliicht as
Bëttchen = Ee (oeuf), och Dätzchen
Bich = Geld, och nach Mécken, Péil, Wäck, Spéin, Goss, Knäpp, Drot
Blénkert = Säwel
Bloën, de bloën Zwir = Schnapps / E Kattche Bloën = e Kareli. Och nach: E Gefénkelten oder Schnorri, Schnorres a Schnikkés
Bolt = Bett = Täsche / An de B.strummen = schlofe goën / Quant Masommen am B. = vill Suen an der Täsche
Bossel = Kuerf fir Uebst
Bossert = Fleesch
Bott = Schmier
botten = iessen (oder achelen)
Bottert = Fréisser / Fellekeschnallbottert = Gromperenzoppsfréisser
bottlakeg = hongreg
braukes = geckeg, och schauen
Bréimer = Paschtouer
Brillassei = Brach
Bugger = Jong
Butzert = Polizist
Däll, Dällchen, Dëllchen = Meedchen
Dätzchen = Ee (oeuf) wéi Bëttchen
Delleri = Hutt
dibberen = schwätzen / dibber nobes = so näischt
düchten = heeschen
Dobberech = Tubak. Och Schmächert
docken = gin (donner)
doft = gutt, schéin / En doft Dellchen = e schéint Meedchen / E schaskelt doft = en drénkt gutt / Doft beschaskelt = besoff
Doft = Kiirch. Och nach Gléscht oder Schapell
Drecksbratschel = Int (canard)
Drot = Geld / Granechen Drot = vill Geld / boren Drot = Bargeld
Falz = Dir (porte)
Farek = Fierkel / Fareke passen = Fierkel kafen
Fei = Dréngeld / dém hockt keng Fei am Nilles = dee gët keen Dréngeld
Feling = Uhr
Felleken = Gromperen / Fellekeschnall = Gromperenzopp

Fënn = Pond
fitschen = schmeechlen
Fitschert = en dreckege Schmeechler
Flachert = Teller
flanzen = maachen, spillen / De Grandische flenzen = bretzen
Flapp = Patent
Flodi = Waasser
flosseren = reenen = pippi maachen (och nach bachelen)
Flosserkusch = WC (pissoir)
Flossert = Waasser, Flosswaasser, och Floss oder Steen
Flossestrummer = Fësch
Fock = Honger / ech hu Fock = ech sin hongreg
fonken = kachen
Fonkes, Fonkert = Feier
Fridmëcher = Matratz
Gaatsert, Gaatscher = Kand
Galschter = Kand
Gallach = Paschtouer, geestlechen Här
Galpes = Kand, Schoulkand, Kand watt leeft
Gampes = Kand, Schoulkand
Gannef = Déif / gannefen = stehlen
Gatsch = e Mann / Kowwergatsch = e Wiirt
Gatt = den Hëneschten / Schmonk mer de Gatt = leck mech am A...
Gattschmonkert = en dreckege Schmierert
Gaudi = Täschemesser. Och Kniffo
Gefaach = Dueref
Gehehelten = Kuch
Gielen = Goldsteck
Girel = Säitentäsch
Gendaarm = eng Drëppche vum Su
Glanzert = Fënsterscheiw = Spigel = Brëll
Glëmmerkusch = Kichen
Gléscht = Kiirch
Glimm = Feier
Glimmert / Glëmmerech = Uewen
Globopsichter = Zylindehutt
Goi = fromm Fra / Deri Bréimer séng Goi = Paschtöesch Kächen
Goussert = Dëppegeïsser
granech / kranech = grouss, dichteg / Si hockt kranech = si as dichteg
Grëffleck = Hand
hannekântech = hannebei
Härlek / Harrlek = Kou
Hautz = Papp, elere Mann, Bauer / De Grandechen Hautz = Grousspapp = groussen Här
Héijel = Geck
héijelzech = geckeg (och braukes)
helleres = hei / Ech scheffen helleres = ech sin hei
Hëtzerlek = Uewen, och Glëmmerech
Hibes, Hibbes = Kapp
Hock = Schlofkummer
hocken = sätzen = stoën = sin / D'Zankerten hocken bekaant = d'Gendarmen sin do / En hockt pleiten = en ass dout
Holter = Meeschter
Horcherten, Horchleken = Oueren
Hornéckel = Ochs, Stéier
Hôtel Misère / Kittchen = Prisong
iüwerach = schiiwerach
jaukert = deier
Jempi = Gendaarm, och Zankert

jensen = kräischen, jéieren
Jitzert = Baartmëcher / Straubejitzert = Haarschneider
Jok = Preiss
Juchem = Wäin / Juchem stierkt de Knëff = Wäin stierkt de Mënsch
kächelen = houschten, keichen
Käckelcher = Aen, och Schéiwerlek
Kaffert = Bauer
Käilef = uergt Päerd = domme Kierel
Katt = Mark / Kattchen = 50 Pfenneg
Keff = Hënner
Kibbes = Kapp, och Hibbes
Kis = Geldbeidel
Kitt = Suen, Geld, och Zaster / Kitten zoppen = d'Suen afhuelen
Kittenilles = Portmonni
Kittchen = Prisong, och Hôtel Misère
Kläftchen = Klaatsch, klaatscheg Fra
klaunen = stielen, och gannefen
Klauner, Klanner = Bochs, Kostüm
klausen = nolauschteren / Knëffercher
klausen = d'Jonge lauschtere no
Kléck, Kläck = Auer, och Téckerchen / Span op d'Kléck = kuck op d'Auer
Klecksen = Leis
Kleis = Mëllech
Klemmes = Prisong, och Kittchen oder Hôtel Misère
klénken = sabbelen, schnuddelen
Klénkert = Sabelle, Schnuddeler
Kloft = Kleadong
Klont = eng schmuddeleg Fra
Knecksert = Noss
Knëff = jonge Kerel, staarke Jong
kneisen, knausen = kennen, verstoën / knaus du deen Hautz = kenns du dee Mann
Kniffo = Täschemesser. Och Gaudi
Knutsen = Schanken, Knachen
Kowwergatsch = Wiirt = Wiirtshaus
Kräbbelcher = Wandleis
Kräbleken = Filzleis
Kribänkklëmmen = Dirwiechter
Krommen = Hues
kuffen = schloën, zerschloën, leën / zoukuffen = zouschloën / verkuffen = zerschloën
Kufferlek = Steng fir ze werfen
Kuffert = e Kläpper
Kuffes = Kläpper
Kusch = klengt Haus = Zëmmer / Glëmmerkusch = Kichen / Limmerkusch = Bakes / Schlummerkusch = Schlofzëmmer / Schondkusch = WC och Schontebeies
Kuwweler = Schënner
Lack = Karbrantwäin
lacken, belacken = mat Brantwäin vollmaachen
Lackert = Brantwäinsëffer
Laken = Lompen
Lakert = Lompekreimer / Lakersprooch, Lakerschmus = Gaunersprooch
Lassei = Mëllech, och Kleis
lau = neischt / fir lau = fir neischt
Leibes, Leiper = Bauch. Och nach Raipert, Raipes, Wammes
Leimes = Hiem = Leinduch / de Leimes beschonten = d'Hiem bedrecksen / de Leimes begowen = idem
Lësch = Stallanter, Lanter fir e Won / kuff d'Lësch aus = maach d'Luucht aus
Lësch = Dir / kuff d'Lësch = maach d'Dir op
Lëtzel = Harmonika
Lëtzer = Musikant, Spillman
Liefchen = Pond
Limm = Brout / Limmerkusch = Bakes
Limmerok = Bakewen

Mackes = Schléi = Streech
 mackessen = Streech gin = schloën
 manke schéiwen = heesche goën
 manken = heeschen
 Mankert = Heeschesak
 Masik = e képpegt Päerd, e Geck
 Masommen = Suen = Geld
 Meckes = Mo
 Mëschelen = Quetschen
 Meter = Frang
 Méwéri, Méwereich, Méwertchen = Kaz / Sparféiss
 Miff = e Peggi
 Milott = Herrgott
 Moss = eng Fra, eng Mamm
 mosselen = schwetzen och dibberen
 Muskei = Dreck

Nennert = Bébé, Këndchen
 Nilles = e Sak, Portemonni, eng Boll oder Humpen / en Nilles Plämpert = en Humpe Béier
 Nisch = eng Drëpp
 nobis, nobes = neischt / nobes gedibbert = neischt gesot

Oltémesch, oltesch, ooltesch = al / Den Oldmëscher, Oltémesch = Papp, Mëschter, Grousspapp / Déi Oltesch = Groussmamm

pachen = flécken, Schong flécken
 Pachert = Fléckschouster
 passen = kafen / verpassen = verkafen och bestueden
 pécken = huelen / Schondpéckert = Drecksack
 Péckes, Peckes = Schnaps. Och Bloën oder Schnorri
 Pénkert, Pénkes, Pinkes = Protokoll
 Penn = Auberge
 Pläffert, Plëffert = e Frang
 Plätteren, Plättercher = Kaartespill
 plaite schéiwen = sech ewechmaachen, stierwen
 plattféissen = danzen / Ech schéiwe mat der Schécks plattféissen = ech gi mam Meedchen danzen
 Plauten = Offall vu Woll
 Plautert = Plakapp

Plautespéngert = Flou
 Plämpert = Béier
 Pokes = Täscher
 Poufert = Revolver oder Flënt

quant = gutt, schéin
 Quatz(en) = Geld
 Quikert = e Vull
 Quinn = Hond, Quinnert, Quinnchen = e klengen Hond
 Quonkert = e Fixspoun

Raipert = eng Täscher och Bauch
 Raipes = Bauch. Och Leibes
 Reedel = eng Staang / e Reedel Dobbereich = eng Staang Tubak

Salem = Hierk
 Schachtert = Händler, Aarbechter / Hurteschachtert = Kuerfmëcher
 Schackelcher = Gromperen och Felleken
 Schapell = Kiirch / och Doft oder Glësch
 Schask = Besoffenheet / E schaskelt doft = en drénkt gutt
 schaufel = krank, schlecht / E schefft schaufel = et geet him schlecht
 Schaufele Masematten = Schlecht Geschäften
 Schautert = Geck, e rosent Päerd / schautesch = geckeg

Schécks = Meedchen
 Schéck = Nues
 Scheepchen, Schaipchen = klenge ronnen och aarmséilege Keerel
 scheffen, schëffen = verstoën / De Knëff schefft Batze vun nobes
 Schëffleken = Schong, och Trëttleken
 Scheifleken = Strëmp
 Scheiwerlek, Scheinerlenk = Aen, och Käckelcher / E spaant mat de Scheinerleken = e kuckt genee no / Scheiwerleken = Oueren, och nach Horchleken

Schéiwele = Äppelkuerf
 schéiwen = fortgoën, fortlafen / Schéif swënns = maach dech ewech / Schéif quant = äddi / Ech schéiwen plätteren = ech spille mat der Kaart

Schëttelplak = Teller och Flachert
 Schibes man = fortgon
 schiwerach = virun / Den Trappert schéift quant schiwerach = d'Päerd geet gutt
 Schineejele = Aarbecht / schineejele = schaffen

schlommeren = schlofen
 Schlummerkusch = Schlofzëmmer
 Schmach = eng Päif och Schmuergel
 Schmächert = Tubak och Dobbereich
 schmorren, schmoren = drénken, iessen och raachen
 Schmelzerlek och Schmelzert = Zocker och Séisslek

Schmonk = Fett, Speck, Botter och Ham
 Schmuckert = Kuss
 Schmull = Mond / Kuff d'Schmull = hal de Mond

Schmus = Geschwätz
 Schnall = Zopp / Fellekeschnall = Gromperenzopp

Schneiwert = Gesiicht / lo kriss de de Schneiwert gekufft = lo kriss de Gesiicht zerschlon

Schnick = Schnaps, och Schnicki, Schnorres, Bloën, Péckes

Schnock, Schnockert = Polizist oder Butzert

schnoll = vill / Dat hockt schnoll = et as vill do

Schnorri, Schnorres = Schnaps, och Schnick

schnuffen = stielen och zoppen
 Schnuffert = Déif

Schnut = Schnëss
 Scholleken = Gromperen och Schackelcher an och Felleken

Schont, Schontes = Schontwur / oltemësche Schont = aalt Eisen, Dreck, Sch... dreck

Schontkéckert = Drecksak
 Schoupert = Fouerman mat Päerd

Schreckeisen, Schréckerten = Been, och Stréimleken

schuffen = schaffen / schuff dech = pass op, kuck mol, hal stëll

Schuurk = Won, Kar / Span dass de Schuurk besténkert hockt = kuck datt de Won belicht as

Schwenk = Siessel
 Schwiftche = Judd

Séisslek = Zocker, och Schmelzerléck
 Sotes, Sotes = Deiwel och Stäppche / De Sotes bekaant dech oder de Stäppche schuppt dech = Den Deiwel hëlt dech

sott = domm
 Souter = Salz

spanen = kucken, oppassen / eng schmaiper Span = e falsche Bléck

Sparféiss, Spaassféiss = Kaz, och Tapféisschen, och Méwereich

Speessert = Fett och Spreuss
 Spëtzleken = Huewer

Sprausen = Miwelen / Quant Spr. = schéi M.

Spréngerleck = Flou

Spreuss = Fett / spreiselen = mat Fett besprëtzen / gespreusst = fettig

Stapp = liichtsënnege Mënsch
 stappes = verbassen

Stëbs = Miel
 stécken = gin / stéck mer e puer Kitten = géf mer e puer Kitten

Stëfft = Léierjong
 Sténkert = Petrol / Stall

Stillchen = Kiischten
 Stomp = Ierger / stompen = streiden

Strauberten, Straupleken = Haar / Straubejitzert = Coiffeur

Stréimleken = Been, och Schreckeisen
 stroumen, stromen = lafen

Stroumert, Strummert = Handwierksborscht

Stuurz = Kap
 swënns = fort, weg / scheif swënns = maach dech fort

Talentekëscht = Hauséierkaschten
 Tappféischen = Kaz, och Sparféiss

Téckerchen = Auer och Kléck
 Trëttleker, Trëttleken, Trëtzleken = Schong oder Féiss

trommes = drei / Trommesblietchen = Kléiblat

Tschikängi = Danz

uewerkäntech = bäikäntech

verankeren = verkafen och verkinnien
 verkneisen = verstoën, och kneisen

verkuffen = zerschloën, och kuffen
 verpassen = verkafen, och passen

verzénken = sech de Wee mierken, zeechnen

Walterten, Waltecher = Leis

Wammes = Bauch, och Raipes, och Raipert

Wammesch = Kostüm / wammeschen = sech kleeden / En hockt quant gewammescht = en as gutt gekleed, och wanefen, wanneschen

Wëllem = Groschen / Wëllemchen = halwe Sou

Wintës = 20 F a Gold

zaangen = festhuelen / Zaangert = Gendaarm

Zankert, Zaangert = Gendaarm

zantes = honnert. Och mai

Zäppchen = Kaffi, och Zëppchen oder Batz

Zaster = Geld, och Kitt

zoppen = huelen, stielen / Humpen zoppen / gezoppt as gezoppt = gespillt as gespillt (beim Kaartespill)

Zossem = Päerd, och Trappert

zwëss = zwé

Zuelen: 1 = ënef, 2 = bäis, 3 = kimmel, 4 = dolles, 5 = häi, 10 = jus, 20 = kaff, 30 = lammets, 50 = non, 100 = mai, och zant

Sätz: Knëff, dibbert den Ooltert zu sënngem Bugger, stéck mer méng Schmuergel a mäin Dobbereich, da gëtt emol eng geschmorrt. Sou, dat as quant! Nu stéck mer och nach Quonkerten.

Déi bäikäntech Schécks huet kaff Liefche Stëbs geschuppt. Si huet dem Hautz et fir jus Meter verankert.

E Galpes mat Klecksen, deen hockt gesond, eng Moss mat Kräbleken, déi hockt eng Klont.